# Richtlinne vun ILRES S.A. fir den Traitement vu perséinlechen Donnéeë bei Telefonsinterviewen

## 1. Wat si perséinlech Donnéeën?

De Begrëff „perséinlech Donnéeën“ ëmfaasst sämtlech Informatiounen, déi sech op eng identifizéiert oder identifizéierbar natierlech Persoun bezéien. Als „identifizéierbar natierlech Persoun“ gëtt eng natierlech Persoun ugesinn, déi direkt oder indirekt identifizéiert ka ginn, notamment duerch Referenz op en Identifiant, wéi en Numm, eng Identifikatiounsnummer, Lokalisatiounsdonnéeën, en Online-Identifiant oder een oder e puer spezifesch Elementer, déi Ausdrock vun der physescher, physiologescher, genetescher, psychescher, wirtschaftlecher, kultureller oder sozialer Identitéit vun der betreffender natierlecher Persoun sinn.

## 2. Firwat traitéiert ILRES S.A. déi perséinlech Donnéeë bei Ëmfroen iwwer Telefon?

ILRES S.A. ass eng Maart- a Meenungsfuerschungsentreprise. Am Kader vun hirer Aktivitéit féiert si multithematesch Ëmfroen duerch.

D‘Telefonsinterviewe sinn ee vun hiren effikassen Aarbechtsmëttel an oft onerlässlech, fir e representativen Echantillon fir d’Ëmfro ze kréien.

Een Deel vun dësen Ëmfroe gëtt iwwer Telefonsinterviewen duerchgeféiert, bei deenen déi kontaktéiert Persoun invitéiert gëtt, bei der Ëmfro matzemaachen, awer ni dozou gezwonge gëtt.

Wann déi kontaktéiert Persoun averstanen ass, beäntwert si d’Froe vun der Ëmfro an ILRES S.A. benotzt déi bereetgestallten Informatiounen, fir e Rapport a Form vu Statistiken zu erstellen, deen si hirem Client, dem Optragsgeber vun der Ëmfro, aushändegt oder verëffentlecht. Dës Rapporten erméiglechen op kee Fall, de Participant vun der Ëmfro ze identifizéieren, well d‘Informatiounen iwwer dës Persoun am Virfeld aggregéiert goufen.

D’Finalitéite vun deenen eenzelen Ëmfroe ginn der kontaktéierter Persoun mëndlech matgedeelt, éier dee jeeweilege Questionnaire hir virgeluecht gëtt. Dozou gehéieren z. B. Ëmfroen zu aktuellen Themen, politesch Sondagen, Meenungen zu engem Produit, ...

## 3. Wat gëtt ILRES S.A. d’Recht, dës Donnéeën ze traitéieren?

Den Traitement vun de perséinlechen Donnéeë berout um Accord vun de Leit, déi sech averstanen erklären, fir de Questionnaire ze beäntweren an domat hir Meenung iwwer d’Theemen an d’Produiten ze ginn, déi an den Ëmfroe vun ILRES S.A. ugeschwat ginn.

ILRES S.A. leet awer vill Wäert drop, dat jiddwerengem seng Rechter respektéiert ginn. Fall eng vun ILRES S.A. iwwer Telefon kontaktéiert Persoun seet, si wéilt net méi iwwer Telefon kontaktéiert ginn, fir bei Ëmfroe matzemaachen, enregistréiert ILRES S.A. déi betreffend Telefonsnummer op enger „schwaarzer Lëscht“ a wielt déi betreffend Nummer net méi.

ILRES S.A. forcéiert nimools iergendeen dozou, bei hiren Ëmfroe matzemaachen a freet déi kontaktéiert Persoun ëmmer mëndlech, ob si averstanen ass fir matzemaachen. Wann et sech ëm Froen iwwer besonnesch Kategorië vu perséinlechen Donnéeën handelt, wéi z. B. d‘politesch Meenung, Donnéeën am Zesummenhang mat der Gesondheet, oder wann et sech ëm Donnéeën handelt, déi gesetzlech net als besonnesch Donnéeë gëllen, an trotzdeem sensibel sinn, ënnersträicht ILRES S.A. dësen Ëmstand mëndlech, éier déi kontaktéiert Persoun participéiert. Wärend dem Questionnaire steet et der befroter Persoun jidderzäit fräi, Froen, déi si derangéieren, net ze beäntweren.

## 4. Wien ass responsabel fir den Traitement vun dëse perséinlechen Donnéeën?

ILRES S.A. ass responsabel fir den Traitement, d.h. déi Persoun, déi d’Finalitéiten an d’Moyene vum Traitement festleet.

ILRES S.A.
Gesellschaftssëtz : 41, rue du Puits Romain L-8070 Bertrange
Telefon: +352499291 https://www.ilres.com
ILRES S.A. huet en Dateschutzbeoptraagten ernannt, deen Dir per E-Mail op DPO@ilres.com oder op dëser Adress kontaktéiere kënnt :
Adress : ILRES S.A., Atrium Business Park, 41, rue du Puits Romain L-8070 Bertrange
Telefon: +352499291

Et kënnt vir, datt de Client vun ILRES S.A. gemeinsam mat ILRES S.A. responsabel fir den Traitement vun deenen am Kader vun der Ëmfro gesammelten Donnéeën ass. Et kënnt och vir, datt ILRES S.A. just de Soustraitant vum Traitement vun den Donnéeën ass. D‘Identitéit vun dësem gemeinsame Responsabelen oder vun deem Responsabelen, deem säi Soustraitant ILRES S.A. ass, gëtt dem Participant wann ëmmer méiglech matgedeelt an zwar entweder virun der Participatioun oder heiansdo zum Schluss vum Questionnaire, wann et néideg ass, d‘Identitéit vun der betreffender Persoun ze verschweigen, fir d’Äntwerte vum Participant net ze beaflossen. An Ausnamefäll kënnt et och vir, datt d‘Identitéit vun deem gemeinsam Responsabelen oder vum Responsabelen,

deem säi Soustraitant ILRES S.A. ass, geheim bleiwe muss. An dësem Fall erkläert ILRES S.A. d'Grënn fir dës Geheimhaltung an der E-Mail mat der Invitatioun fir beim betreffende Questionnaire matzemaachen.

Op jiddwer Fall kënnen d'Participanten sech zu all Moment un ILRES S.A. wennen, fir Informatiounen iwwer den Traitement vun den Donnéeën ze kréien an hir Rechter ze revendiquéieren.

## 5. Wéi ginn déi perséinlech Donnéeë wärend den Telefonsëmfroe benotzt a wat geschitt duerno mat hinnen?

ILRES S.A. sammelt d'Informatiounen, déi d'Participanten hir ginn andeems se Questionnairë beäntweren. Si kombinéiert an analyséiert dës Informatiounen, fir Berichter draus ze erstellen, déi se veröffentlecht oder hire Clienten a Form vu Statistiken aushändegt.

Zënter dem 1. Juni 2019 benotzt ILRES S.A. och bestëmmt demografesch Informatiounen, déi d'Participante matdeelen, wéi z. B. d'Wunngemeng vum Titulaire vun Telefonsnummer, déi si zoufälleg generéiert huet, hiert jeeweilegt Geschlecht, hier Nationalitéit, ob se beruffstäteg oder pensionéiert sinn, ...).

Dësen Traitement gëtt gemaach, fir eng qualifizéiert Telefonskontaktdatebank ze erstellen. Et geet drëms, Informatiounen ze späicheren, déi keng Identifizéierung vun enger bestëmmter Persoun erméiglechen, déi awer noutwenneg sinn, fir stratifiéiert Echantillone vun der Ëmfro ze erstellen, d. h. déi zesummegesat ginn andeems nom Zoufallsprinzip Nummeren aus Gruppe gewielt ginn, déi den demografesche Kategorien entspriechen, déi fir d'Ëmfro gebraucht ginn.

D'Verknëppung vu bestëmmten demografeschen Informatiounen, déi keng Identifizéierung bidden, mat enger Telefonsnummer geschitt opgrond vum berechtegten Interessi vun ILRES S.A., iwwer déi fir d'Ausübe vun hirer Geschäftstätegkeet onerlässlech Instrumenter ze verfügen, zu deenen dës qualifizéiert Kontaktdatebank gehéiert. Weider Informatiounen iwwer d'Verwendung vun demografeschen Donnéeë fir d'Gestioun vun der Kontaktdatebank fannt Dir an der Nott mam Titel „*Wéi ILRES S.A. Är Telefonsnummer verwent* ", déi Dir ënnert https://www.ilres.lu/ opruffe kënnt .

ILRES S.A. behandelt all dës Informatioune vertraulech a späichert se op eng sécher Aart a Weis of.

## 6. Wat geschitt mat de perséinlechen Donnéeën a wéi laang ginn se gespäichert?

D'Donnéeën, déi iwwer de Questionnaire gesammelt ginn, deen déi kontaktéiert Persounen ze beäntwere bereet sinn, ginn esou séier wéi méiglech anonymiséiert, jee no Aart vun Ëmfro a besonnesch der Dauer, iwwert déi se duerchgeféiert soll ginn. Effektiv muss bei der Duerchféierung vun enger Telefonsëmfro aus technesche Grënn temporär eng Verbindung tëschent den Äntwerte vum Participant an der Telefonsnummer, ënner där dës Persoun kontaktéiert gouf, oprechterhale ginn, woufir keng Ried vun anonymmen Donnéeë ka sinn esoulaang dës Verbindung besteet.

ILRES S.A. späichert déi perséinlech Donnéeë wärend engem Zäitraum vun 3 bis 6 Méint, fir an der Lag ze sinn, op Ufroe vun engem Client ze reagéieren, deen d'Gültegkeet vun der Ëmfro iwwerpréiwe wëll.

Déi mat der Telefonsnummer verbonnen demografesch Donnéeë späichert ILRES S.A. allerdéngs esou laang wéi se hir Geschäftstätegkeet ausüübt, et sief dann, den Titulaire vun der Telefonsnummer widdersetzt sech dëser Mesure.

## 7. Wou a wéi ginn déi perséinlech Donnéeë gespäichert?

ILRES S.A. hëlt sämtlech Virsiichtmoossname fir d'Sécherheet vun den Informatiounen, déi si ze traitéiere kritt, ze schützen. Dofir huet si sämtlech Moossnamen ergraff, déi fir d'Securiséiere vun hiren IT-Geräter néideg ass. Déi perséinlech Donnéeë ginn op séchere Serveren an der Europäescher Unioun gespäichert a just eng begrenzt Unzuel vun hire Mataarbechter huet Zougang dozou.

## 8. Deelt ILRES S.A. anere Persounen dës perséinlech Donnéeë mat?

Déi aus den Ëmfroe gewonnen Donnéeën an Informatioune ginn ab dem Zäitpunkt vun hirer Erhiewung a bis zu hirer Analys iwwer e private Cloud-System gespäichert. Déi vun ILRES S.A. chargéiert Cloud-Ubidder späicheren dës Informatiounen op séchere Serveren an der Europäescher Unioun.

All dës Déngschtleeschtungsubidder hunn ausschliisslech Zougang zu deenen Informatiounen, déi onerlässlech sinn, fir déi Aufgaben, déi ILRES S.A hinnen iwwerdroen huet, auszeféieren. ILRES S.A. stellt vertraglech sécher, dass dës Déngschtleeschtungsubidder sämtlech am Bezuch op dës Informatiounen néideg Sécherheetsmoossnamen anhalen an d'Informatiounen net fir aner Zwecker wéi der Ausféierung vun den Aufgaben, déi ILRES S.A. hinnen iwwerdroen huet, verwenden.

ILRES S.A. deelt hirem Client déi am Kader vun hiren Online-Ëmfroe gesammelt Donnéeën an Informatiounen an aggregéierter Form mat, ouni dass et dem Client méiglech ass, d'Participanten ze identifizéieren.

ILRES S.A. gëtt keng aner am Laf vun den Telefonsëmfroen gesammelt perséinlech Donnéeën un iergendee weider, et sief dann, esou een Transfert ass gesetzlech virgeschriwwen.

## 9. Wéi eng Rechter hutt Dir am Bezuch op Är perséinlech Donnéeën?

Si ILRES S.A. traitéiert Är perséinlech Donnéeën an Dir hutt déi follgend Rechter :

a) **Recht op Zougang:** Dir hutt d'Recht, vun ILRES S.A. Zougang zu de perséinlechen Donnéeën ze verlaangen, déi d'Entreprise iwwer Iech gespäichert huet.

b) **Recht op Berichtegung a Läschen:** Dir hutt d'Recht, vun ILRES S.A. d'Berichtegung vun Äre perséinlechen Donnéeën ze verlaangen, wann dës sech als onrichteg erweisen. Dir kënnt och verlaangen, datt ILRES S.A. Är bei hir gespäichert perséinlech Donnéeë läscht.

c) **Recht op Aschränkung vum Traitement:** Dir hutt d'Recht, vun ILRES S.A. ze verlaangen, den Traitement vun Äre perséinlechen Donnéeën auszesetzen, bis se iwwerpréift kënne ginn (z. B. fir d'Richtegkeet vun den traitéierte perséinlechen Donnéeën ze iwwerpréiwen).

d) **Recht op Portabilitéit:** Dir hutt d'Recht, vun ILRES S.A. ze verlaangen, datt déi bei hir gespäichert Donnéeën iwwert Iech direkt un eng aner Persoun, déi verantwortlech fir den Traitement ass, iwwermëttelt ginn, ënner der Viraussetzung, datt esou en Transfert technesch machbar ass.

e) **Recht op Widderruff vum Accord:** Dir hutt jidderzäit d'Recht, Ären Accord fir den Traitement vun den Informatiounen, deen Dir duerch Är Participatioun bei der Ëmfro ginn hutt, ze widderruffen.

f) **Recht op Widdersproch:** Wann Dir Ären Accord fir den Traitement vun den Informatiounen, deen Dir duerch Är Participatioun bei der Ëmfro ginn hutt, widderrufft, da ginn déi Donnéeën net méi benotzt. De Widderruff vum Accord huet also déi selwecht Wierkung wéi de Widdersproch géint den Traitement vun den Donnéeën.

   Jiddwer Persoun, déi iwwer Telefon kontaktéiert gëtt, huet d'Recht, ze verlaangen, datt ILRES S.A. se net méi fir Ëmfroen urifft; an deem Fall gëtt déi betreffend Nummer op eng „schwaarz Lëscht" agedroen an net méi gewielt.

g) **Recht op Reklamatioun bei der nationaler Dateschutzkommissioun:** Sollt Dir der Meenung sinn, datt ILRES S.A. Är Rechter am Bezuch op den Traitement vun Äre perséinlechen Donnéeën net respektéiert, kënnt Dir eng Reklamatioun bei

enger Kontrollautoritéit areechen. Fir Lëtzebuerg ass dës Kontrollautoritéit déi national Dateschutzkommissioun (https://cnpd.public.lu).

## 10. Wéi kënnt Dir Är Rechter revendiquéieren?

Dir kënnt Är Rechter am Bezuch op Är perséinlech Donnéeën ausüben, andeems Dir per Bréif eng entspriechend Demande un ILRES S.A., 41, rue du Puits Romain L-8070 Bertrange oder per E-Mail un DPO@ilres.com schéckt.

Et sief awer drop higewisen, datt opgrond vun der Tatsaach, datt dës Donnéeën iwwer Telefon gesammelt gi sinn, ouni datt d'Identitéit vun der befroter Persoun erfaasst gouf, déi benotzt Telefonsnummer an der betreffender Demande muss ugi ginn. ILRES S.A. behält sech ausserdeem d'Recht vir, ze iwwerpréiwen, ob d'Demande vun der betraffener Persoun staamt, z. B. andeems Dir opgefuerdert gitt, en Deel vun den Informatiounen, déi Dir duerch Är Participatioun un der betreffender Ëmfro matgedeelt hutt, nach eng Kéier unzeginn.

Et sief weiderhin drop higewisen, datt ILRES S.A. déi am Kader vun den Ëmfroe gesammelt perséinlech Donnéeën esou séier wéi méiglech anonymiséiert, d. h. heiansdo an engem Zäitraum, dee méi kuerz ass wéi déi ënner Punkt 6 uewen ugekënnegten 3 bis 6 Méint. Dofir ass et méiglech, datt Är Donnéeën zum Zäitpunkt vun Ärer Demande schonns anonymiséiert sinn, mat Ausnam vun den demografeschen Donnéeën, déi mat der benotzter Telefonsnummer zesummenhänken an am Kader vun der Gestioun vun der Kontaktdatebank benotzt goufen

Dir kritt op jiddwer Fall esou séier wéi méiglech eng Äntwert, a wa keng besonnesch Ëmstänn virleien, iwwer déi ILRES S.A. Iech informéiere géing, spéitstens ee Mount nom Agang vun Ärer Demande.